



ass awer ganz onglécklech, wa mir eis och elo nach selwer hei Konkurrenz maachen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, Merci, Här President. Um zweete Punkt hunn ech net am Detail geäntwert. Mä ech hu jo gesot, dass mer déi ganz Problematik vum zweete Compartiment, den Aspect européen vum der Saach, dass mer déi Suen hei hale wëilten, an dass ech deen dote Problem, däers ech mer bewosst sinn, vun deem ech awer d'Ampleur nach net richtig kann aschätzen, wäert kucken.

An zum éischte Problem, Établissement an engem Établissement public. Et ass esou, dass an der Transposition, wéi mer se elo hei hunn, eng Deskriptioun awer besteet vun deem, wat deen Établissement public fir de Fonds de résolution soll maachen, wéi en zesummekënnt, wat d'Natur vu senger Aarbecht ass an esou. Et ass net esou, dass mer näischt hei dran hunn.

Mä dat ass och eng Fro, déi mer da musse léisen, déi jo och en fait doduerch kënnt, dass de Conseil d'État dat proposéiert huet. Mir haten dat jo net am Projet d'origine dran. Mir wollten dat op eng méi flexibel Aart a Weis maachen. De Conseil d'État huet eis dat recommandéiert. Den Avis vum Conseil d'État, wéi mer alleguete wëssen, hu mer eréischt e puer Deeg. Mir sinn amgaangen, deen alleguerten ze verdauen. Ech mengen, dat ass och eng Fro, déi mer eis musse stellen.

Ech géif och proposéieren, et ass vläicht och original, mä dass mer all déi Sujeten, déi ech opgezielt hunn, eng Kéier an der Cofibu zesummen am Januar diskutéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, den Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo. Wann ech elo richtig verstanen hunn, huet den Här Mosar 40 Froen, eppes méi wéi 40 Froen hei gestallt, dovunner ass dee gréissten Deel elo net beäntwert ginn. Et ass awer eng Ouverture gemaach ginn, fir déi Froen dann och am Detail an deem nächste Mount - am Januar - ze beäntwerten. Ech apprécieieren déi Ouverture. Dat sinn aner Téin, wéi mer se de leschte Méindeg an der Kommissioun héieren hunn.

Wann ech dat elo richtig verstanen hunn, huet de Minister hei proposéiert oder gesot, dee ganzen Text misst souwiso nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn, fir datt mer u sech deen zweete Compartiment och zu Lëtzebuerg halen, datt mer dat och an deenen nächste Méint géife maachen. Och dovunner huele mer Akt an halen drop, datt dat dann och esou schnell wéi méiglech geschitt.

Bleift awer nach dee leschte Punkt, dee fir mech och net onwichtig ass an deen awer och haaptsächlech d'Chamber bestëmmt. Mir hunn zu deem Text, Artikel 62 an Artikel 105 haaptsächlech, eng Rei Opposition-formelle vun dem Conseil d'État kritt, Opposition-formellen, bei deenen, bei der classescher Aart a Weis, wéi des Chamber mat Opposition-formellen émgeet, normalerweis hätt missen en Amendement gemaach ginn. Dat ass elo op en anere Wee gaangen. Et ass eng Demande un de Conseil d'État geschéckt ginn, fir deen Amendement ze émschëffen.

Ech hätt awer och gär, datt mer an der Chamber, an der Conférence des Présidents oder am Büro, oder wou Der ëmmer wëllt, Här President, déi Diskussioun dann eng Kéier opwerfen, well mir haten op Basis vun där Aart a Weis, wéi mir geschafft hunn, déi mer eis 2012 alleguer selwer hei ginn haten, aner Prozeduren, fir mat Amendementen émzegoen a fir mat Opposition-formelle vum Conseil d'État émzegoen. Ech hunn déi nach wie vor déizäit richtig fonnt. Ech gesinn elo, datt se ausser Kraaft aus dem Drock eraus gesat ginn. Dat apprécieieren ech net. De Conseil d'État muss kucken, ob en dann déi Dispens gëtt oder net. Deen ass och wahrscheinlech domadder ënner Drock gesat.

Mä mir insistéieren, datt déi Diskussioun och nach gefouert gëtt.

(Interruption par M. Pierre Gramegna)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat riicht sech un eis.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir wäerten dat an der Conférence des Présidents selbstverständlech diskutéieren.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm. An ech géif direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6866 iwwergeen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6866 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss. 60 Participatiounen um Vott: 34-mol Jo, 26-mol Neen. Domat ass de Projet 6866 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech froen d'Chamber, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen elo zum Projet de loi 6891 iwwergeen, eng Rei vun Ofännerungen am Rumm vun eisem Steuerregimm. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vun deem Projet de loi, d'Madamm Joëlle Elvinger. Dir hutt haut ee laangen Tour.

3. 6891 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation;

- de la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la Société d'investissement en capital à risque (SICAR);

- de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.**- Jo, ech hunn haut e bësse Festival. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, zu deem ech op dëser Plaz de Rapport maachen, huet eng gewëssen Urgence, well verschidden Dispositiounen vum eisem Steuerrecht fir Betriber net konform zum EU-Recht méi sinn.

An engem Brëif vum 10. September 2014 huet déi Europäesch Kommissioun eis drop higewisen, dass déi ab 2011 agefouert Minimalsteuer bei der Kierperschaftssteuer, dem sougenannten Impôt sur le revenu des collectivités oder kuerz och IRC genannt, net konform zur Directive „mères-filles“, der Direktiv 2011/96/UE wier. Vu dass mer do kuerz virun enger Procédure d'infraction stinn, gesäit de Gesetzestext vir, dës Minimum vum IRC op d'Vermögenssteuer ze iwwerdroen. Dës Changement trëtt dann ab dem 1. Januar 2016 a Kraaft.

(Madame Simone Beissel prend la présidence.)

Madamm Presidentin, de Gesetzesprojet gouf den 13. Oktober 2015 vum Finanzminister depouéiert. De 5. November goufen Amendements gouvernementaux ugeholl. D'Chambre des Salariés huet hiren Avis de 17. November

ugeholl an d'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 27. November dëst Joer ofginn. Den Avis vum Statsrot datéiert vum leschten Donneschdeg, dem 10. Dezember, an de schréffleche Rapport gouf de 14. Dezember dëst Joer an der Finanz- a Budgetskommissioun vun der Chamber ugeholl.

Här President, ech hunn et gesot, viru fënnef Joer, och am Dezember - oder Madamm Presidentin -, viru fënnef Joer, och am Dezember, gouf op dëser Plaz e Gesetzesprojet diskutéiert, deen et a sech hat! An et gongt ëm eng ganz Rei Mesuren, déi am Kader vun der Finanzkris geholl goufen. Deen Text huet eng minimal Steuer beim IRC agefouert. Am Oktober 2014 huet d'EU-Kommissioun dëst awer als net konform ugesinn, soudass Lëtzebuerg ugesicht kéint ginn, wann net gehandelt gëtt!

Eng Méiglechkeet wier et elo, dës Minimalsteuer ewechfalen ze loosse, wat awer grouss Aboussen am Statsbudget géif ginn. Mir kënnen eis dat einfach an dësen Zäiten net erlaben! Ech si frou, dass mer och op deem Punkt verantwortungsvoll agéieren. Mir huelen elo dës Minimalsteuer aus dem IRC eraus a setze se bei d'Vermögenssteuer, déi d'Betriber jo och bezuelen, derbäi. Esou gläicht sech dës Mesure am Budget aus an och fir d'Firme wäert sech, ënnert dem Stréch, net vill veränneren. Och wäert d'Alimentatioun vum Fonds pour l'Emploi heivunner net beaflosst ginn.

Madamm Presidentin, mir wëssen, dass vill Länner an der Europäescher Unioun iwwerhaapt keng Vermögenssteuer fir Gesellschaften hunn, an dass mir elo duerch dës nei Minimalsteuer a Saache Vermögenssteuer op deem Niveau zouleeën. Och dofir goufen hei d'Tauxen ugepasst. Bis elo gouf et een Taux an dee louch bis bei 0,5% vun der Fortune. Dee bleift och fir d'Tranche bis 500 Milliounen. An ab deem Montant gëllt dann awer ab 2016 den Taux vun 0,05%.

Dëst ass eng Mesure, déi geholl gëtt, fir eis Steuerlandschaft och fir grouss Betriber attraktiv ze halen. Ech weess, an deem Kontext war e bëschen Duerjerneen d'lescht Woch. Esou oder esou, ech fannen et richtig, dass de Stat oppasst, dass eis Recetten och an de kommende Jore weider klamme kënnen.

An deem Kontext kënnt och eng Ännerung fir d'Betriber, déi e Bilan vun iwwer 30 Milliounen opweisen. Hei gëtt eng iewescht Tranche vun der Minimalsteuer vun 20.000 op 30.000 Euro ugepasst, wat 32.100 ginn, wann een den Impôt de solidarité derbäihëlt.

Am Kader vun dëse punktuellen Upassunge vun eisem Steuerrecht proposéiert de Gesetzestext och, fir de sougenannte Prinzip vum „step up“ anzeféieren. Wann eng Persoun sech hei am Land néierléisst, also seng Résidence fiscale am Grand-Duché kritt, an duerno verschidde Participatiounen verkeeft, déi se virum Transfert vun hirem Wunnsätz awer scho kaaft hat, da gëtt déi Plus-value besteiert, déi an deem Zäitraum ugefall ass, wou d'Persoun hei ugemellt ass. Dëst ass awer och nëmmen normal, well d'Plus-value, déi virum Transfert op Lëtzebuerg ugefall ass, näischt mat eisem Land ze dinn huet. An esou gëtt eng Duebelbesteuerung éviéiert.

Madamm Presidentin, ech si frou iwwert déi gutt Zesummenaarbecht mam Finanzminister, soudass mer haut de Mëtteg e Gesetzesprojet stëmme kënnen, dee verhënnert, dass eist Land ugeklot gëtt. Duerch verschidden Adaptatiounen am Steuerrecht bei de Betriber setze mer eis Steuerdispositiounen à jour a stelle weider sécher, dass mer eng kompetitiv Steuerlandschaft behalen.

Ech kann dowéinst och mat rouegem Gewëssen den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Ech wëlt awer hei op dëser Plaz och nach e grouse Merci der Sekretärin vun der Finanzkommissioun soen, dem Caroline Guezennec, wat souwuel an deem Projet de loi wéi och an deem Projet de loi, vun deem ech de Moien de Rapport gemaach hunn, den 6847 iwwert d'Directive „mères-filles“, eng exemplaresch Aarbecht gemaach huet a wierklech och nom spéiden Avis vum Statsrot nach déi Rapporten adaptéiert huet a verschéckt huet an och keng Aarbecht iwwert de Weekend gescheit huet. An dofir e grouse Merci vun dëser Plaz!

An ech soen lech dann och alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.**- Merci, Madamm Elvinger, fir de Rapport. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Finanzminister, virdrun hu mer eis hei laang mat engem Projet beschäftegt, vun deem zu Recht gesot ginn ass, en hätt eng Drénglechkeet um europäeschen Niveau, well en hätt eigentlech

scho misse bis den 31. Dezember vum leschte Joer iwwert d'Bün, a mir wëssen elo, firwat datt dat alles net esou schnell gaangen ass.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6891 besteet esou eng Urgence iwwerhaapt net! An erlaabt mer vläicht, ganz kuerz awer e bësse och op den Historique vun dësem Projet anzegoen, deen awer och typesch fir eng Funktionsweis vun dëser Regierung ass, déi schwéier nozevollzéien ass.

Et ass virdrun hei ugeklonge vun eiser exzellenter Rapportrice, der Madamm Elvinger, där ech wollt Merci soe fir hire schréfflechen an hire mëndleche Rapport an engem schwierger Thematik: Dee Projet ass also am Oktober déposéiert ginn an iergendwann eng Kéier am Dezember, ech hunn elo net méi de genauen Datum, sinn d'Fonctionnaire vum Finanzminister an d'Finanzkommissioun komm an hunn dee Projet exposéiert.

An ech ginn dat elo gär zou - an ech mengen awer, datt ech net deen Eenzenge hei an deem illustren Haus sinn -, virun deem Exposé hat wahrscheinlech aus deem ganzen Haus hei nach keen de Projet gelies. Mir hunn dofir eng Rei vu Froe gestallt. An déi ganz gentil an engagéiert Beamtin huet eis dann do e bëslechen erkläert, ëm wat et géif goen.

An ech muss lech soen, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer emol dunnt erkläert kritt hunn, ëm wat et géif goen, hunn ech - an de Kolleeg Gast Gibéryen huet dat scho gëschter gesot -, awer d'Impressioun gehat, do wäre verschidde Kolleeginnen a Kolleegen, déi géife wéi begosse Puddelen do sëtzen, wéi se emol...

(Interruption)

...wéi se emol héieren hunn, wat an deem Projet de loi géif stoen.

A bien entendu, mir alleguer hunn eis dunnt emol de Projet de loi op d'Broscht gezunn a mir hunn en emol eng Kéier am Detail gelies an - Ooh! - wat hu mer du lauter erstaunlech Saache festgestallt!

An ech muss awer nach eng Kéier op mäi Kolleeg, den Här Berger, zrëckkommen, deen op dem Här Gibéryen seng Interventioun bei RTL reagéiert huet a gemengt huet, den Här Gibéryen hätt de Projet de loi net gelies gehat.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, ob entre-temps den Här Berger de Projet de loi gelies huet!

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mä deemools hat hien en op jidde Fall net gelies, well soss hätt en net kënnen den Här Gibéryen esou duerch de Kacka zéien, wéi en dat herno deelweis an der Press gemaach huet.

Wat awer nach méi erstaunlech ass, Dir Dammen an Dir Hären, ass: Ech froe mech haut souguer nach, ob eis Sozialistesche Kolleegen dee Projet de loi in extenso gelies hunn. Well ëm wat geet et? Ech versichen elo kuerz, concis ze sinn, an dat nach eng Kéier ze erklären.

Den Objectiv vum Projet ass - et ass och esou, wéi mer e ganz schéi philosophesch am Exposé des motifs erkläert kréien -, mir hätten e Problem mat der minimaler Betrëbsbesteuerung an do hätte mer e Brëif kritt vun der Europäescher Kommissioun, déi eis géif drop opmierksam maachen, datt mer do net honnertprozenteg konform mat där minimaler Betrëbsbesteuerung wäeren.

Elo soen ech lech, Dir Dammen an Dir Hären, där dote Bréiwer huet och schonn déi viregt Regierung kritt. Et ass also näischt Neies, datt do eventuell e Problem um Niveau vun der minimaler Betrëbsbesteuerung besteet.

Allerdéngs, Här Finanzminister, gesinn ech net, wat elo op eemol déi Saach esou dréngend mécht, datt mer onbedéngt virum 31. Dezember dat doten elo mussen einfach esou an enger Nacht-und-Nebel-Aktioun änneren! Dat hunn ech bis elo nach net verstanen, wat dat neit Element ass, wat eis forcéiert, virum 31. Dezember dës Projet ze stëmmen!

Elo ass dat ee Punkt vum Projet de loi, iwwert deen een effektiv kann diskutéieren, ob een déi Betrëbsbesteuerung, minimal Betrëbsbesteuerung net duerch eng minimal Besteuerung um Verméige vun de Gesellschafte kann ersetzen. Ech fannen, dat ass eng Diskussioun, déi ee sécherlech ka féieren, wou ech och net prinzipiell dergéint sinn.

Wat awer elo derbäikënnt, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass, datt dës Regierung profitéiert vun deem Projet de loi, fir nach zwou aner Zorte vu Mesuren ze huelen. An do ass eng, an dat wëll ech awer och nach eng Kéier de sozialistesche Kolleeg soen, hei kommen och substanzuell Steuererlichterunge fir Privatpersounen, Dir Dammen an Dir Hären, näamlech fir Persounen, déi Participatiounen an anere Gesellschaften hunn an déi d'Résidence changéieren innerhalb vun engem Joer an déi elo



kennen do vun engem Mechanismus vun Netduebelbesteuerung profitéieren.

Och do, soen ech lech, si mir, meng Fraktioun, net fundamental dergéint, datt een esou Mesuren hëlt, mä ëm Gottes Willen, da sot eis awer, ëm wat et geet! A sot net einfach, hei géif et just nëmmen ëm d'Gesellschaft goen, well hei geet et och ëm Privatpersounen, Här Finanzminister!

An dann, déi zweet Measure, déi hei kënnt, dat ass dann eng, wou elo d'Betriebsbesteuerung, d'minimal Betriebsbesteuerung vun den Entreprises ersat gëtt duerch eng minimal Verméigenssteuer.

An do muss ech lech awer nu wierklech soen: Dat ass eng Reform, déi ekonomesch total onsënneg ass. An de Moien huet mäi Kolleg, den Här Urbany, gemengt, et wär verwonnerlech, datt den Här Mosar géint esou e Projet géif stëmmen.

Här Urbany, ech sinn ee Mënsch, deen ekonomesch denkt, deen och fir d'Finanzplaz ass, dee fir de Wirtschaftsstanduert ass. Ech plädéieren awer derfir, datt mer an dësem Land sënnavoll wirtschaftlech Reforme maachen! A wat mer elo de Mëtten hei maachen, dat ass total onsënneg!

An ech hu selte bei engem Projet de loi gesinn, datt all Avisen negativ sinn: d'Avise vun de Chambre-professionellen, vun dem Salariat, vun der Fonction publique, vun der Chambre des Salariés. Mä deen negativsten Avis, Dir Dammen an Dir Hären, ass dee vun der Chambre de Commerce! Dee seet, datt dat do eng total onsënneg Reform ass.

A firwat ass se onsënneg? Wat maache mir elo hei? Mir ginn dohinner a mir soen: Mir huelen déi ganz déck Entreprises, déi iwwer 500 Milliounen, a mir setzen do den Taux erof vun 0,5 op 0,05.

Ech war zwar ni e gudder Mathematiker, Här President, mä ech weess awer, datt dat do zéngmol manner ass.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dat ass vun zéng op eent, Dir Dammen an Dir Hären!

Gläichzäiteg gi mer awer dohinner a mir huelen déi Kleng- a Mëttelentreprises, déi mat 30 Milliounen Chiffre d'affaires, deene setze mer d'Steier vun 20.000 op 30.000 Euro erop. Dat heescht, déi bezuele 50% méi, Här Finanzminister!

An déi Fro, op déi ech d'Äntwert awer elo emol eng Kéier gär géif vun lech wëssen, an ech sinn net méi d'accord, datt Der eis keng Äntwert gitt: Wien, wivill Firme profitéieren do vun där-soen ech emol - Superräichsteier? Wivill Entreprises hu mir hei am Land, déi dovunner profitéieren?

Dir braucht eis keng Nimm ze nennen. Mir wëllen hei net, datt d'Steiergeheimnis opgehuewe gëtt, mä sot eis awer, ëm wivill Firmen datt et sech hei handelt! Well et kann een dach keng Reform maachen, Dir Dammen an Dir Hären, wann een emol net weess, wivill Firmen datt dat do betrëfft!

An zu Recht huet de Kolleg Claude Wiseler e puermol drop higewisen, datt hei null Fiche financière ass. Mir wësse guer net: Wat bréngt dat an? Wat hu mer do vun Déchets fiscaux? Et gëtt emol einfach gemaach! A mir wëssen emol iwwerhaupt net, ëm wivill Firmen et sech do handelt.

Duerfir hale mir drop, Här President, datt de Finanzminister eis elo seet: „Hei geet et ëm eng, zwou, dräi, véier oder fënnf Firmen.“

Well, Här President, mir musse jo nëmmen net mengen, datt mer mat där doter Measure zousätzlech Entreprises op Lëtzebuerg kréien! Well firwat géifen déi kommen? Eng Verméigenssteuer fir Entreprisë gëtt et praktesch am gesamten EU-Ausland net! Also kënnt jo keen heihinner, fir manner ze bezuelen, wann e selwer bei sech doheem oder an engem aner Land guer näischt brauch ze bezuelen. Also ass et emol keng Measure, déi eis iergendwéi zousätzlech Entreprises hei wäert op Lëtzebuerg bréngen.

Ech muss lech soen, an ech sinn do - an dat kënnt selte vir! - mam David Wagner d'accord: Hei gëtt,...

(**Brouhaha**)

...hei gëtt en Element vun där grousser Steuerreform virgezunn. Mir hunn elo iwwer Méint gesot kritt, all Kéiers wa mer reklaméiert hunn, an de Kolleg Marc Spautz huet et de Moie gesot, mir hätte gär eng Erofsetzung vun de Betriebsbesteuerung, well déi - Här Finanzminister! - allen Entreprisë géif profitéieren an net nëmmen deene vun iwwer 500 Milliounen, hu mer ëmmer gesot kritt: „Dat maache mer am Kontext vun der globaler Finanzreform.“

Wat maache mer elo? Elo huele mer d'Filetsstéck eraus, déi ganz Déck, déi kréien elo emol ee Chrëschtkëndchen ënnert de Beemchen an déi aner...

► **Une voix.** - Très bien!

► **Une autre voix.** - Voilà!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...kënne kucken, datt se eens ginn. Dat ass d'Politik vun där doter Regierung. An als een, dee wirtschaftsfreundlech ass, muss ech soen, hunn ech selten esou eng Reform gesinn.

Elo muss ech awer soen, Här President, ech hu mat grousser Opmierksamkeet de Budgetdebatten nogelauschert a mengem gudden Frënd, dem Här Kox. An den Här Kox, deen huet während sengem ganze Budgetrapport vun ökologeschen Elementer geschwat, en huet geschwat vun „nohalteg“, vu Steiergerechtheet.

Här Kox, des Steuer, wann déi ganz Räich zéngmol manner brauchen ze bezuelen, wou ass do dat ökologescht Element?

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Wou ass dat nohalteg Element? Mä ech soen lech et: All Joers kréien déi ënnert de Chrëschtbeemchen en décke Scheck. Dat ass dat, wat nohalteg ass, esou wéi d'Lëtzebuergesch Regierung dat dote gesäit.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Vive déi gréng an d'Sozialisten!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Elo muss ech awer och nach kuerz e puer Wieder iwwer eis Sozialiste verléieren, Dir Dammen an Dir Hären. Well, wann ee vu Verméigenssteuer schwätzt, dann huet een ëmmer eis sozialistesche Kollegen, den Här Haagen, den Här Fayot, déi hunn ëmmer wonnerbar Iddien. Deen ee wëllt eng Räichsteier aféieren, deen anere wëllt eng Verméigenssteuer aféieren an net méi spéit wéi d'lescht Woch huet den Här Fayot erëm hei phantasméiert iwwer eng Verméigenssteuer fir Privatpersounen, huet dat en nom personnel gemaach.

Also, ech muss lech soen: Ech verstinn net, datt déi Sozialistesche Aarbechterpartei deen dote Projet...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass Aktionärs-partei!

(**Hilarité**)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech wollt dat soen, Dir huet mer et ewech, Här Gibéryen, Dir huet mer et ewech.

Also, ech muss lech soen, mä ganz gudden Frënd, den Här Spautz, huet de Moie vun engem décke Schlauch geschwat. A wéi recht hat den Här Spautz!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Well wat mécht d'Regierung hei? Si hëlt dee ganz décke Schlauch a si schëtt d'Waasser bei deene ganz uewen. Bei deene ganz uewen, Dir Dammen an Dir Hären!

Si huet just op eppes net opgepasst: Och déi déckste Schläich hunn op eemol kee Waasser méi, Här Finanzminister! Well och déi mussen un de Waasserbehälter erun. An ech war sechs Joer Pompjeeschaffen an der Stad, eng schéin Zäit, wéi d'Madamm Beissel,...

(**Hilarité et exclamations**)

...duerfir mengen ech,....

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Gitt net op geféierlechen Terrain!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Duerfir mengen ech, Här President, datt ech och eppes vun...

(**Brouhaha**)

...vu Schläich verstinn.

Wat ech domadder wëll soen: Wann des Regierung fäerdeg ass mat hirem décke Schlauch, da geet et emol net méi duer, fir mat der Strenz fir déi Kleng- a Mëttelbetriber nach iergendwéi...

(**Brouhaha**)

...netzen ze goen. Dann ass näamlech näischt méi do.

A mir, Dir Dammen an Dir Hären, mir hätte léiwer eng Politik vun deene kleng Schläich, a mir hätte gär, datt jiddweree géif vun där Steuerreform profitéieren: d'Privatpersounen, déi Kleng- a Mëttelbetriber. An duerfir wäerte mir, wéint deem décke Schlauch, och dese Projet net kënne stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Mosar, den Här Fayot wollt nach e bësse mat lech dialogéieren.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Här President, den Här Mosar huet mech ugeschwat. Ech mengen, hien huet mer net gutt nogelauschert d'lescht Woch. Ech hu mat kengem Wuert gesot,...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dach, ech lauschteren ëmmer ganz gutt no.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - ...ech wëlt en Impôt sur la fortune fir d'Privatpersounen. Ech hu mer eng Partie Froe gestallt par rapport zum Bankgeheimnis an der Soutenabilitéit, fir nach e Bankgeheimnis bäizebehale fir Résidenten, wa mer par ailleurs um internationale Plang kee Bankgeheimnis méi hunn. Ech hunn näischt gesot iwwert d'Erëmaféieren...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, en hat et awer geschriwwen...

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - ...vun enger Verméigenssteuer fir Privatpersounen. Wann Der zitëiert, da musst Der ganz prezis zitëieren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dann huelen ech Akt. Also, d'LSAP wäert op kee Fall a Richtung vun enger Verméigenssteuer goen. Merci, Här Fayot.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Wat d'LSAP mécht, dat wäert si selwer decidéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da komme mer...

(**Brouhaha**)

Mir kommen zum nächste Riedner, deen den Här Fayot ass.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegen, Här Minister, d'Rapportrice huet et gesot, där ech och gäre géif Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport: Et sinn dräi Mesuren, déi mat dësem Projet de loi hei decidéiert ginn. Déi éischt, dat ass d'Ofschafen effektiv vun der minimaler Betriebssteuer, déi 2010 agefouert ginn ass, an eng Émschichtung op d'Verméigenssteuer an totaler budgetärer Neutralitéit. Ech hunn do, muss ech soen, als Sozialist kee Problem domat.

Déi zweet Measure, dat ass d'Afféierung vun deem sougenannten „step up“, dat heescht, mir renoncéieren op d'Besteuerung vun der Plus-value op d'Veräusserung vu Participatiounen am État de sortie. Dat heescht, mir maachen eppes, fir eng Duebelbesteuerung ze évitéieren. Och do gesinn ech net de Problem. Ech mengen net, dass iergendeng Partei en Intérêt huet, fir d'Duebelbesteuerung ze plädéieren, och vu Privatpersounen net.

An déi drëtt Measure, dat ass, dass mer den Taux effektiv vum Impôt sur la fortune op 0,5‰ erofsetzen, vu 5‰ op Tranché vum Bilan vu Betriber, déi méi wéi 500 Milliounen um Bilan hunn. A mir féieren eng nei Tranche supérieure a vum Impôt sur la fortune, eng Mindeststeuer vun 32.100 Euro fir bei Somme-debilanen, déi iwwer 30 Milliounen stinn.

Bon, doropshin ass dann déi Show hei komm, déi mer elo während zwee, dräi Deeg amgaange sinn ze erliewen, vum Steierschlauch fir déi Räich bis iwwert d'virgezunne Steuerreform. Den Här Mosar huet dat och elo nach probéiert, rhetoresch hei nach eng Kéier mat vill waarmer Loft opzeblosen.

Den Här Gibéryen, dee war de 5. Dezember um Radio. Ech hu mech net raséiert. Ech raséiere mech net méi esou vill a leschter Zäit.

(**Hilarité**)

Ech hätt mech wahrscheinlech och net geschnidden, well et ass net ganz ongewéinlech vun him, dass esou Saache kommen. Mä ech hunn awer nach eng Kéier nogelies op RTL; en huet du gesot, mir géifen hei en neie Steiersaz aféiere fir „déi superräich Leit“. Déi „superräich Leit“, huet e gesot.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir hutt richtig héieren!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo. An dann direkt duerno am selwechten Otemzuch quasi huet en da gesot: „Domat géifen dann déi gréng an och d'Sozialisten hir lescht Glafwierdegkeet hei verléieren.“

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Och do hutt Der richtig héieren!

(**Hilarité**)

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Här Gibéryen, de deux choses l'une! Entweder Dir hutt dat net richtig verstanen, dee Projet de loi, Dir hutt dat net richtig gelies, wat ech awer net mengen, well Dir sidd jo en intelligenten an en alen Hues, dat sot Der jo och ëfters hei an dësem Parlament. Dat heescht, Dir hutt dat ganz wuel verstanen. Mä ech mengen dann, déi zweet Alternativ ass, Dir hutt do erëm eng Kéier, géif ech soen, renger Populismus gemaach, an ech géif soen, net immens héichfléierende Populismus, wann Der deen Amalgam do maacht a Steierfroen.

Ech weess, Steierfroen sinn net ëmmer ganz einfach! Dat ass technesch, do kann een d'Leit ganz liicht a Konfusioun bréngen, an haaptsächlech, wann een esou een Amalgam mécht tëschent Betriebsbesteuerung a Personebesteuerung. An dat ass, bon, Dir maacht vläicht gären esou Politik, dat ass effektiv, wéi gesot, mir sinn dat vun lech gewinnt.

► **Une voix.** - Jo, jo.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - An Dir schéisst dann och gären haaptsächlech op d'LSAP, wann Der dat maacht. An Är Kollege vun der CSV gi jo an déiselwecht Richtung, den Här Mosar, den Här Spautz mat sengem Steierschlauch. A souguer den Här Wiseler huet dat gemaach.

► **Une voix.** - An dat ass Populismus?

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo, dat ass Populismus! Jo, jo, ganz richtig.

An ech mengen, dass dat effektiv komplett feel am Plaz ass, well wa mer hei e bëssen éierlech si mat där Measure, da musse mer awer och wierklech kucken, ëm wat et sech hei handelt. Et handelt sech ëm eng Measure am Kader vun eiser Headquarter-Politik. Mir hate jo virun net allze laanger Zäit hei och eng Debatt iwwert d'Finanzplaz, wou mer, mengen ech, awer alle guerten d'accord sinn, dass mer gären eis Finanzplaz bäibehalen, dass mer gäre Betriber hei hätten, déi och Leit employéieren, déi och hei Steiere bezuelen, déi hei eis ekonomesch, eis wirtschaftlech Aktivitéit beliewen.

An, Här Mosar, ech weess net, ob Dir net gutt nogelauschert hat, oder Dir waart vläicht och nach net do, mä den Här Wiseler huet déi Fro gestallt, ëm wivill et sech hei géif handelen. An den Här Gramegna huet geäntwert, dass et der ongeféier eng hallef Dose wären, e bësse méi.

An et sinn eben déi Betriber, dat si Betriber, déi héich kapitaliséiert sinn. Déi, ech mengen, wien et ass, dat si Betriber, déi zum Deel och, mengen ech, a Clausen setzen, wou vill Leit schaffen an déi eng reell Aktivitéit hei hunn. Déi bezuelen effektiv elo e bësse manner Steieren, Impôt sur la fortune, eng Steuer, déi se d'ailleurs virdrun, an do kënnt een dann zrëck op dee Projet, dee mer de Moien nach gewielt hunn, déi se virdrun iwwert déi Hybridprodukt ewechstrukturiert hunn.

Bon, dat ass natierlech alles net super, do si mer alleguer d'accord, mä dat ass awer leider d'Realitéit. Dat ass leider d'Welt, an där mer liewen. Mir sinn hei net op enger Insel. An, Här Mosar, Dir wësst dat ganz gutt. Mir sinn an engem Environnement vu Steierkompetitioun, a wann een esou Betriber gäre bäibehält, gär heibehält, da muss een eben an engem kompetitive Steierenvironnement och liewen.

Bon, dat kann een elo schlecht fannen oder et kann een dat gutt fannen, mä ech mengen, da muss een dat kloer soen. An da muss een awer och mat de Käschte rechnen vun esou Deklaratiounen. An da muss een awer och dee ganze Calcul maachen, wat dat fir d'Land mat sech bréngt en termes de moins-value de recettes fiscales, wann esou Betriber fortginn.

An, wéi gesot, ech fannen et bëlleg, fir deen Amalgam do ze maachen, wann ee weess, dass dat näischt mat Personebesteuerung ze dinn huet, mä dass mer hei reng am Domän vun der Betriebsbesteuerung sinn.

An dann héiert een awer och nach den Här Reding, Här Gibéryen, Äre Parteikolleg, an der Cofibu, deen da mat där wonnerbarer Iddi kënnt: Firwat schafe mer deen Impôt sur la fortune net einfach direkt ganz of?

(**Interruption par M. Roy Reding**)

Voilà. Dat ass...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift, Här Reding, Dir hutt, mengen ech, direkt hannendrun d'Wuert!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Gitt lech eens! Äre Kolleg Gibéryen, dee seet...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An, Här Fayot, Dir géift gutt maachen, wann Der lech un d'Chamber riichte géift,...

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo. Ech rapportéieren hei dat, wat...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...well soss gëtt et en Dialog, an dat ass net esou ganz gutt!

(**Interruptions**)

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Jo. Voilà. Ech géif der Chamber da gär soen, dass den Här Reding engersäits déi flott Iddi huet, fir déi Steuer ganz ofzeschaffen, wat eis dann ëm déi 500



Milliounen Euro kascht u Recetten, an dass den Här Gibéryen op där anerer Säit da fënnt, op RTL moies fréi, dass mer hei Kaddoe maachen un déi Superräich an dass dat alles net esou gutt wier.

Voilà, dat ass fir mech e bësse contradictoire. Mä vläicht gëtt et an der ADR zwou Faktiounen, déi sech do net ganz eens sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Fayot, Dir erlaabt, dass den...

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Jo, natierlech.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, ech wollt den Här Fayot froen, ob e matkritt huet, datt den Här Reding an der Kommissioun gesot huet: „Firwat kann een net déi Steuer ganz ofschafen am Kader vun enger globaler Steuerreform?“

An ech hu gëschter Moien hei um Riednerpult gesot, datt mer och der Meenung wieren als ADR, datt ee bei de Betriber sollt eng Vereinfachung maache bei der Steuerreform an datt een - hunn ech genau deeselwechte Saz gesot - déi eng oder déi aner Steuer kéint ofschafen am Kader vun enger globaler Betriebsbesteuerung, an ech hunn och nach derbäigesot, déi Käschenneutral ass.

Also den Här Reding an ech hu genau dat-selwecht gesot! A meng Fro war, ob Der dat och matkritt hutt.

(*Hilarité*)

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Majo dann, ech soen lech Merci fir Är Explikatiounen. Ech krut dat net esou kloer mat. Den Här Reding hat dat och, mengen ech, net an där Nuance esou gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dach, dach, dach!

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Vläicht waart Der um Punkt, fir erauszegoen, dat heescht, Dir hutt dat vläicht dann e bësse...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Neen, neen, neen, neen! Mir hate ganz genau opgepasst.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Toujours est-il, dass ech mengen, dass mer hei et guer net mam Usaz vun enger grousser Steuerreform ze dinn hunn. Mir hunn et hei mat dräi punktuelle Mesuren ze dinn, vun där eng effektiv, mengen ech, oder den Här Minister kann dorobber agoen, urgent ass, well mer gären awer ab dem 1. Januar 2016 weider deen Impôt sur la fortune, déi Minimalbesteuerung do bäibehalen. An dass et, mengen ech, wichteg ass, fir dat dann elo nach virun Enn des Joers am Gesetz ze verankeren.

Ech géif gären, dat gesot, den Accord vun der LSAP zu dësem Projet de loi bréngen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och dem Här Fayot. An d'Wuert huet dann den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Merci, Här President. Dat trifft sech jo da ganz gutt.

Jo, ech fannen, an ech sinn net eleng hei am Land, d'Vermögenssteuer op d'Betriber keng gutt Saach. Ganz allgemeng. D'Chambre de Commerce seet, et wier en Impôt «anti-économique par nature et constitue, en réalité, un important désavantage concurrentiel pour le Luxembourg», seet d'Chambre de Commerce.

Jo, natierlech kann ee se net einfach ofschafen! Et muss een och en Impôt commercial communal ofschafen, well mer eise Clienten dat net erkläert kréien. Et muss een dat integréieren an eng gesamt Steuer. Mä dat ass elo eng Fro vun der Steuerreform an dat ass haut net den Débat.

Haut ass den Débat dee vum Erofsetzen - mat allem anere vum Gesetzesprojet si mer d'accord -, vum Erofsetze vun der Vermögenssteuer op d'Betriber fir déi, déi iwwer 500 Milliounen hunn, vun 0,5 op 0,05.

Den Här Mosar huet sech erstaunt gewisen, datt hei eng gewëssen Urgence geherrscht hätt. Dee Projet wier erakomm den 13. Oktober, den 12.11. ass en eréischt an d'Kommissioun verwise ginn, haut schonn debattéiere mer driwwer. Ech sinn ëmmer erëm erstaunt, wéi séier Projeten hei kënnen an d'Chamber kommen!

Ech ginn lech elo gläich e klengt Beispill an da verstitt Der d'Urgence, Här Mosar a léif Kollegen, da verstitt Der se!

Här Fayot, Dir behaupt, hei géif e bëllegen Amalgam gemaach ginn an dat, wat den Här Mosar gesot hätt, wier waarm Loft. Fir d'Éischt

zum bëllegen Amalgam, deen Der mengem Parteifrënd Gaston Gibéryen virgehäit hutt.

Jo, eng Firma, eng Société patrimoniale gehéiert enger Famill. Do gëtt et Beispiller genuch. Mir brauchen hei keng opzezielen. A wann eng Famill vun hirer Firma haut, an ech maachen lech elo gläich e chiffriert Beispill, pièces à l'appui, wann eng Famill haut zéng Milliounen Dividende kritt a... muer 20 Milliounen Dividende kritt, dank Ärer Reform, déi Der haut hei duerchsetzt, dann huet déi Famill zéng Milliounen méi! An dat ass kee bëllegen Amalgam an dat ass keng waarm Loft, dat si Chiffres à l'appui!

Här President, ech ginn lech hei den um Registre de commerce déposierte Bilan vun enger Sàrl, déi ech als Titre d'exemple huelen, an ech wär frou, wann Der dee kéint verdeelen.

(*M. Roy Reding dépose une documentation sur le bureau de la présidence.*)

Déi Sàrl huet 2014... Bon, de Minister huet eis gesot, et sinn nëmmen e puer Firmen. Et sinn der méi wéi sechs. Mir wëssen net, sinn et der siwen oder sinn et der 17 oder sinn et der 700? Ech hunn einfach eng erausgesicht. An déi eng hat op den 31. Dezember 2014 eng Bilanz zomm vun 8.906 Milliounen. Wa mer do ewechzielen, wat se u Liabilities hat, als Scholde, well...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Wivill Milliarden sinn dat?

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- 8,9 Milliarden oder 8.906 Millounen Euro. Net Liraen. Wa mer ofhalen, wat se als Scholde haten, komme mer op eng Fortune nette, an dat ass jo d'Besteuerungsgrundlag an dësem Gesetz, vun „nëmmen“ 5.998 Milliounen. Kommt, mir soe ronn 6 Milliarde Frang!

Jo?

► **Une voix.**- Euro!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Euro, natierlech Euro! D'Berechnungsgrundlag vun der Vermögens..., neen, dat sinn hir Liabilities. Also ass d'Berechnungsgrundlag vun dëser Steuer 2.900 Milliounen. Dann huele mer 500 Milliounen ewech, well dat ass jo déi Tranche, wou se besteiert ginn, wéi all déi aner. Da bleiwen 2.408.031.905 Frang (veuillez lire: Euro), op déi se an Zukunft net méi 0,5% bezuelen, dat wieren 12 Milliounen, mä an Zukunft 0,05%, an dat sinn 1,2 Milliounen.

Den Delta, de Benefiss fir déi Gesellschaft ab 1. Januar 2016, wann dat sozialistescht Gesetz hei a Kraaft trëtt, si ganz genau 10,8 Milliounen. Dat heescht, déi Firma, déi d'lescht Joer Dividende bezuelt huet vu ronn 10 Milliounen, bezitt dann Dividende vu ronn 20 Milliounen.

Déi Firma...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här Reding, därëf ech lech eng Fro stellen?

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Majo natierlech, Här Gibéryen!

(*Hilarité générale*)

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Ëmmer gär.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Gehéiert déi Firma enger Famill?

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Majo selbstverständlich!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ah.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Déi Firma huet eng eenzeg...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hat gemengt, et wier keng räich Famill méi dran.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Neen, neen, déi Firma huet en eenzegen Associé. Dat geet och aus dem Registre de commerce...

(*Interruptions diverses*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Neen, dat war eng...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Den Här Reding huet d'Wuert!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hat gefrot, ob ech dierft eng Fro stellen!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Neen, ech äntwerte ganz gär!

(*Interruptions diverses*)

Ech äntwerte ganz gären dem Här Gibéryen an och all deenen anere Leit, déi bestëmmt interesséiert nolauschteren. Déi Firma heescht Delfin a gehéiert der Famill Del Vecchio, déi Firma, déi d'Luxair iwwerholl huet, 13% fir 30 Milliounen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ouh?!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Oder 40 Milliounen! Mir wëssen et jo net genau.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ouh?!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- De Lëtzebuerger Stat huet e Portage gemaach iwwer 30.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Aah sou!

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Déi Famill kritt d'Luxair geschenkt mat engem Steiergeschenk eleng op déi éischt dräi Joer, mat deem, wat Der haut hei stëmmt!

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Voilà! Sou, elo ass et um Här Berger.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- An dat ass keen Amalgam an et ass keng waarm Loft. Et ass niente!

► **M. Michel Wolter** (*CSV*).- Et ass bëlleg fir si, jo!

(*Hilarité générale*)

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dat sinn d'Sozialisten!

► **Une voix.**- Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Ben, ech froe just d'Chamber hei, fir näischt Falsches ze maachen: Wann ech der Demande vum Här Reding nokommen an dat heite verdeelen, verstoussen ech net géint d'Steiergeheimnis?

(*Interruptions*)

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Neen, Här President, ech hunn dat dote vum Registre de commerce.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et ass ëffentlech.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Also,...

(*Consultation interne*)

► **Plusieurs voix.**- Et ass ëffentlech.

► **M. Roy Reding** (*ADR*).- Verstitt Der elo d'Urgence, Här Mosar?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Also, Kolleeginnen, Kolleegen, ech proposéieren, et elo an dëser Phas un d'Fraktiounscheffe weiterzeginn, da kënnen déi decidéieren, wat se dermat maachen.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- An un all d'Gruppen, wann ech gelift!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Voilà, dat gesot, géif ech mengen, dass mer um Enn vun...

(*Interruption*)

Ah, entschëllegt, entschëllegt, Dir stoungt hantert dem Potto, ech hunn lech net gesinn. Kommt, Här Wagner!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Mech kann ee ganz schnell iwwersinn. Dat ass richtig.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Här President, ech sinn dozou verdaamt,...

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, wann ech gelift! Wann ech gelift, lauschtert dem Här Wagner no!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- ...dozou verdaamt, no der ADR ze schwätzen. An den Här Reding huet op eng Fro geäntwert, déi ech hat, well den Här Fayot huet virdru vun engem Betrib geschwat, deen a Clausen kéint sinn. Ech wollt wëssen, ob vläicht och e Betrib um Boulevard Royal wier, deen a Fro géif kommen, wat vläicht déi eng oder déi aner Saach kéint erklären, wat vläicht och déi eng oder déi aner Urgence oder supposéiert Urgence kéint erklären, fir déi Reform do ze maachen.

Den 11. November scho stoung en Artikel am „Paperjam“, wéi dat virdru scho richtig gesot gouf, d'Sproochrouer vun der Finanzplaz, vun der exzellenter Madame Véronique Poujol, wat schonn dovunner geschwat hat a wat och den Artikel betitelt hat esou: «Discret cadeau aux géants et aux fortunés». Ech mengen, et ass e bësse einfach hei, fir ze soen: „Dat heiten, wat mer maachen, dat ass jo eng Transposition vun enger Steuer, déi mer ofschafen, op eng aner, an et wäert Käschenneutral sinn, budgetsneutral sinn.“

Et stellt sech iwwerhaupt d'Fro, awéifern, an dat ass jo dat, wat eis och interesséiert, als Lénk op jiddé Fall, a wat och d'Gewerkschaften interesséiert, dat ass: Wat ass dann d'Käschenneutralitéit beim Salarié? Well dat Waasser, wat aus deem Schlauch do erauskënnt, dat Waasser, dat gëtt geschafen och vu Leit, déi dann och an deene Betriber schaffen, virausgesat och, datt hei zu Lëtzebuerg iwwerhaupt eng Substanz besteet bei deene Betriber, déi a Fro kommen.

Den Här Minister seet, jo. Ech ginn och dovunner aus, datt eng gewësse Substanz bei gewëssene Betriber besteet, mä als Parlamentarier ass et awer och interessant, e bësse méi genau ze wëssen, wat fir eng Substanz do ass. Ech hunn dat nach gëschter an der Budgetsried gesot. Mir sinn awer e bësse interesséiert, fir ze wëssen, wou wat fir eng Substanz ass. A wa mer Reforme maachen am Steierwiesen, da muss een awer wëssen, wat ee besteiert, wat erauskënnt a wat derhannert ass. An dat wësse mer ganz einfach net!

An ech bezweifelen awer wierklech, datt all Kéiers och esou eng phenomenal Substanz derhannertstécht. Well mir kennen dat aus de rezenten Entwécklungen, datt phenomenal Steierbonifikatiounen souwisou hei zu Lëtzebuerg praktizéiert ginn - natierlech net nëmmen hei, mä och zu Lëtzebuerg - bei Sociétés, déi guer keng Substanz hunn.

An ech mengen, et ass och ganz kloer, datt déi Geschicht vun den „Step-uppen“, do ass et jo ganz kloer, datt dat sech areit an eng Strategie hei zu Lëtzebuerg, fir eben déi Fortunnen heihinner unzelackelen. Ech menge souguer, d'Majoritéit gëtt dat zou.

Den Här Fayot ass den eenzege Sozialist, deen de Courage huet, dozou ze stoen, mengen ech, well soss héiert een der ganz weineg, fir wierklech dozou...

(*Interruption*)

Bon, dann! Déi aner si suicidaire genuch, fir dozou ze stoen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift!

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*).- Hunn ech dat de Moien net gesot?

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, et ass wouer, Dir stitt och dozou. A Wierklechkeet...

(*Interruption*)

Neen, et ass wouer, pardon, ech entschëllege mech! A Wierklechkeet steet déi ganz LSAP-Fraktioun derhannert, datt grouss Betriber manner besteiert ginn.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Pardon, entschëllegt!

(*Brouhaha*)

► **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Les extrêmes se rejoignent!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Ah, dat ass dat Eenzege, wat Der ze soen hutt: «Les extrêmes se rejoignent.» Kennt Der Är Geschicht, Här Engel? Kennt Der d'Geschicht vun der Aarbechterbewegung? Wësst Der ganz genau, wien déi Éischt waren, déi deportéiert goufen? Dat ware mir. Dir waart och derbäi. Haalt op, esou Saachen ze soen! Dir verstitt näischt méi vun der Aktualitéit an och näischt vun der Vergaangenheet!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- «Les extrêmes se rejoignent.» - Et ass eng Sauerei, esou eppes ze soen!

► **Une voix.**- Très bien, Här Wagner!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Et ass eng Sauerei!

(*Brouhaha*)

Bon, elo sinn ech e bësse nervös. Ech wollt just soen, mir wäerten dergéintstëmme. An ech hätt gären, datt d'Sozialisten... Ech verstinn, datt déi Liberal derhannertstinn, si sinn an hirer Roll. D'Sozialiste sinn net an hirer Roll. An dat Eenzege, wat mir och nach entgéintgestallt kréien, dat sinn domm Sloganen!

Ech soen lech Merci.

(*Brouhaha et interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift! Mir hunn elo den Débat zu Enn bruecht an de Finanzminister huet d'Wuert. An et war bis elo ganz fein.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech, weinst der Zäit, elo net an d'Detailer vum Projet de loi beginn, well, ech mengen, et si just e puer Haaptfroen hei gestallt ginn, déi ganz legitim sinn an op déi ech wäert elo äntwerten.

Mir hunn de Projet den 12. Oktober déposiert. Dat ass eis vill virgeworf ginn, dass dat vill ze spéit wär, obvwuel et eng relativ limitéiert Steuerännerung ass.

Mir hunn nogekuckt: D'Gesetz vum Boni pour enfant, wat Honnerten Artikele sinn, ass de 6. November 2007 deposiert ginn, ass natierlech am Dezember gestëmmt ginn. D'Gesetz, wat den IRC, de Minimum um Impôt sur le revenu des collectivités agefouert huet, de faméisen



IRC minimum, dee jo elo amgaangen ass, illegal ze ginn, ass de 7. November 2012 déposéiert ginn an ass den 21. Dezember votéiert ginn. Also, ech mengen, mir waren nach ee Mount méi fréi. Mä dat ass och elo onwichtig. Well et ass keng riseg Steiermesure, déi mer hei huelen, et ass eng Adaptatioun.

Et ass eng Émschichtung vum Impôt minimum eriwuer vum Impôt sur le revenu des collectivités, also um Profitt, eriwuer op d'Fortune, eng Émschichtung mat Neutralitéit. Ech kommen herno drop ze schwätzen, wat dann d'Konsequenze si fir déi verschidden Type vum Entrepreneuren.

Grouss Fro: Firwat d'Urgenz? Ma ech hätt se vill léiwer eréischt an engem Joer gemaach, mat der Steuerreform. Vill léiwer! Ech hunn och an der Regierung missen zwee-, dräimol erklären, firwat mer dat heite misste virdru maachen. Jo, an ech soen et nach eng Kéier: Mir hu vun der Kommissioun schon d'lescht Joer gesot kritt an Hierscht, dass den Impôt minimum gerechent um IRC illegal ass par rapport zur Direktiv „mères-filles“ an hirer Versioun vun 2011. A mer hu se jo haut an hirer neier Versioun hei ugeholl, wéi se dann elo applikabel gëtt op den 1. Januar 2016.

Elo drécken ech dat nach anescht aus, an da wollt ech dem Här Mosar awer soen: Mir hu mat der Kommissioun méintelaang verhandelt, an et ass nëmmen, well mer hinne versprach hunn - versprach hunn! -, dass mer séier géifen dat heite changéieren, dass se eis net ugesicht hunn.

A wat war geschitt, wa se eis ugesicht hätten, am Laf vum Joer 2015, am Laf vun deem Joer, wou mer d'Présidence hunn? Majo, da war déi Steuer, den IRC minimum, zesummegefall. Dann hätte mer déi 2016 net kënnen erhiewen. Dat war d'Urgenz! An da soll nach ee mer soen, dass dat keng Urgenz ass.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech muss soen, ech verstinn dat net. Ech verstinn einfach net, dass een dat net wëllt verstoen!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat huet jo och kee contestéiert.

(**Interruption**)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, jo, ech kommen nach op déi aner. Ech kommen nach op déi aner. Eng Saach no där anerer, herno kommen ech op déi aner.

(**Interruption par M. Claude Wiseler**)

An do hunn ech och ganz gutt Argumenter. Do wäert Der héieren, déi si ganz, ganz interessant.

Also, et war inévitable, dass mer dat hu missen elo maachen, an et war extrem komplex. Mä wa mer elo just ganz e bëssen zrëckdenken: Wat heescht dat, dass den Impôt sur le revenu, den IRC minimum net legal ass? Dat heescht, et ass eng Steuer agefouert ginn 2012, déi net konform ass mam Droit communautaire. Dat ass dat, wat et heescht. A wat si mer hei amgaangen ze maachen? Maja, eng illegal Steuer par rapport zum Europarecht erëm esou ze maachen, dass mer se kënnen erhiewen. Also, ech gesi wierklech net an, wat mer do Schlëmme maachen.

(**Interruption**)

130 Milliounen bréngt déi Steuer an. Ob ee se elo gären huet oder net, do kommen ech och nach drop ze schwätzen. Mä mir brauchen déi. An dofir hunn ech gesot: Mir hunn elo hei keng Zäit ze verléieren, well wa mer dat net maachen, kréie mer Incertitude juridique d'nächst Joer an da falen déi 130 Milliounen ewech. An dee Risque wollt ech net huelen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et huet jo awer och keen dat do op deem doten Deel contestéiert. Macht elo net, wéi wa mer dergéint wäeren, datt dat do geännert géif ginn. Domat si mer d'accord.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, jo.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et ass em déi aner, wou et geet.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech wëll awer de Lien mat där Direktiv maachen. Ech wëll insistéieren, dass hei eng Steuer, wann Dir esou... Ech kann nach méi kloer ginn: Dir hutt eng Steuer agefouert, déi illegal ass. Dat ass dat, wat et heescht.

(**Brouhaha**)

Majo, mä dach. Et ass awer dat, wat et heescht!

(**Interruption par M. Claude Wiseler**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Kolleegen, ech wär frou,...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ma et ass dach awer wouer!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...wann Der de Minister géift schwätze loosse,...

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Loosst mech dach emol ausschwätzen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...a wann een eppes wëllt soen, dass e sech zu Wuert mell, fir dass mer awer erëm op normal Bannen zrëckkommen!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat heescht fir d'Entrepreneuren, et ass eng Émschichtung. Et ass eng Émschichtung.

(**Interruption**)

Also, et ass eng Émschichtung. Dat heescht, mir hu sechs Palieren an deem Gesetz gehat. Do hu mer e siwenten uewendrop gesat. Dat heescht, fir déi sechs éischt Paliere vun deene klengste Betriber bis déi, déi dann iwwer 30 Milliounen Euro am Bilan hunn, do changéiert guer näischt. Déi bezuelen datselwecht, ob dat elo op der Fortune ausgerechent gëtt oder ob dat um IRC ausgerechent gëtt. Déi kréien eng Facture, esou wéi se eng an der Vergaangenheet kritt hunn. Fir si changéiert absolutt näischt. Deenen ass et och egal, wéi dat ausgerechent gëtt. Dat ass jo nëmmen Technik.

An de siwente Palier, dee bäikomm ass, dat ass fir déi ganz... Dat ass dee leschte Palier. Ech schwätzen hei vum Impôt sur la fortune minimum, also schwätzen ech, wann ech vum siwente Palier schwätzen, dee mer bäigesat hunn, do schwätze mer vun deenen déckste Betriber, net vun deene klengen, vun deenen den Här Mosar gesot huet, déi musse 50% méi bezuelen.

Jo, déi ganz déck mussen um Impôt sur la fortune minimum elo 50% méi..., an dat assu-méiere mer. An dat war justement am Sënn, fir ze soen: Déi déck Entrepreneuren, déi dann den Impôt minimum bezuele sur la fortune, déi bezuelen...

(**Interruption**)

...en fait um IRC guer näischt, soss géife se deen anere jo net bezuelen.

Dat sinn also ganz déck Betriber, déi um IRC null bezuelen an dofir bezuele se dann elo, am siwente Palier, e bësse méi. Et sinn 50%. Dat sinn 10.000 Euro méi.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Déi aner zéngmol manner!

(**Interruption**)

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat ass 10.000. Mä dat sinn déi déck Betriber. Ech wëll ennersträchen, dat sinn déi déck Betriber! Mä déi Betriber bezuele jo, wéi gesot, soss keng Kierperschaftssteuer op deem Joer, soss géife se nämmlech den Impôt minimum net bezuelen.

An dat schéngt mer awer tragbar. A mat all deene Betriber, mat deenen ech geschwat hunn - an ech schwätze jo vill mat deenen, ech hu se jo och ganz gären, d'Betriber, wéi Der alleguere wësst -, do hunn ech nach ni ee begéint, dee fonnt huet, dass dat dramatesch wär.

Sou, elo kommen ech dann op dee faméisen 0,05. Elo si mer net méi am Rasonnement vum Impôt minimum, elo leeë mer deen op d'Säit. Do hunn ech jo elo alles erkläert. Mir loosse dat ganz op der Säit, well soss gi mer duerjereenen an d'Diskussioun si komplizéiert.

Den Impôt sur la fortune: Ech hunn dee guer net gär! Ech hunn deen zéng Joer laang op der Chambre de Commerce kritiséiert. An ech fannen, dass et e schlechten Impôt ass. Jo, ech hunn en net agefouert. Dee gëtt et scho ganz laang. En ass säit 2006 reservéiert fir d'Entrepreneuren. Well virdrun huet e sech och op d'Personen applizéiert, mä säit zéng Joer applizéiert e sech nëmmen op d'Entrepreneuren. Hannert den Entreprise verstoppe sech ëmmer Leit. Dat ass eng Selbstverständlechkeet. Hannert verschiddenen aneren Entreprise verstoppe sech nach aner Entrepreneuren. An hannendru verstoppe sech nach méi Holdingen an aner Saachen, dass een iwwerhaapt net méi weess, wien hannendrun ass. Soit!

Den Impôt sur la fortune ass en Impôt antiéconomique. Richtig! Elo hate mer dat heiten awer als eenzeg Léisung - nach eng Klammer fir den Impôt minimum: Wa mer den Impôt sur la fortune net gehat hätten, soen ech lech, dann hätte mer missen déi 130 Milliounen an den Negativ schreiwen. Dann hätte mer nämmlech keng Léisung gehat. Dat ass déi eenzeg Léisung, déi mer fonnt hunn, fir legal nach déi minimal Steuer ze behalen.

Wann een an der Oppositioun eng gutt Iddi huet, wéi mer den Impôt minimum kënnen anescht maache wéi op dem Impôt sur la fortune, ass dat eng ganz weilkomme Contributioun.

Déi 0,05...

(**Brouhaha**)

Elo wëllt ech erklären, wou do d'Urgenz ass. Ech weess, den Här Wiseler waart elo scho ganz gespaant drop. Wat ass dann d'Urgenz, fir an darselwechter Zäit, wou mer dat heite maachen, och op deen normalen Taux ze intervenéieren? Eh bien, dat huet erëm eng Kéier mat der Direktiv „mères-filles“ ze dinne. Déi, déi mer haut gestëmmt hunn hei, enfin transposéiert, déi verbitt d'Produits hybrides. Déi verbitt déi!

Ech muss lech soen, déi ware ganz populär zu Lëtzebuerg. A wësst Der, wéi déi Hybridproduite gemaach gi sinn? Mat Rulingen. Mat Rulingen! A firwat huet den Impôt sur la fortune kee Mënsch gestéiert, dee räich war? Dat wësst Dir awer och. Majo, well e mat den Hybriden derlaanscht komm ass. An à partir vum 1. Januar 2016...

(**Interruption par M. Roy Reding et coups de cloche de la présidence**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Reding!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - ...kann een dat net méi maachen. A wat ass geschitt? Eh ben, erëm vill Entreprise si bei mech komm, oder ech hunn der vill begéint plutôt, déi hu mer all gesot: „Dat do geet net mat deem Impôt sur la fortune, mir packen dat net, deen ass ze héich, deen ass anti-économique!“

All déi Kriticke géint déi Steuer si richtig. Elo kann een zwou Saachen dorop äntweren. Dat éischt ass, déi Betriber, déi mer soen, ech verdreen deen Impôt sur la fortune net, deene soen ech ëmmer: Wann dee fir lech esou schlëm ass, dann heescht dat jo, dass Der op der Kierperschaftssteuer null bezuelt, well soss kéint Der nämmlech um Impôt sur la fortune ganz vill Reduktiounen maachen, wann net komplett derlaanscht kommen. Also bezuelt Der op dem Profitt schon net vill oder en fait guer näischt!

Da si se scho vill méi roueg. Mä trotzdem... An ech hu se nach ëmmer gär, d'Betriber.

Den zweete Punkt ass, vill Betriber... Dir wëllt jo wëssen, wéi vill et der sinn. Ech hat effektiv, den Här Fayot hat recht, geäntwert op déi Fro. Eng déck hallef Dose Betriber si betraff. An d'Ziffer, déi ass guer net esou genau, an där Hiischt, dass se ka vun engem Joer op dat anert changéieren, wann d'Kapitalisatioun ännert.

Also, vill Betriber hunn eis gesot: Wa mir keng Hybride méi kënnen gebrauchen, wa mir also keng Rulinge méi doranner kënnen kréien, well dat vum 1. Januar u verbueden ass, a mir halen eis natierlech drun, majo dann zéie mir Substanz ewech zu Lëtzebuerg!

An hei schwätze mer net vu Betriber, enfin, et sinn der derbäi, dat si ganz grouss Employeuren hei, dat si keng kleng. An déi hunn eis gesot: Mir bezuelen deen Impôt sur la fortune op dee ganze Montant net, oder mir zéien d'Substanz ewech zu Lëtzebuerg. Esou einfach ass dat!

An deen zweete Punkt ass: Wa mer wëllen attraktiv zu Lëtzebuerg bleiwen, da musse mer eppes aféieren, dass deen Impôt sur la fortune eis net direkt excluëiert, wann Etüde vu Gesellschaften gemaach ginn. Mir hunn e richtige Problem do!

A wat hu mer als Léisung fonnt? Dat, wat mer lech hei proposéieren, wou ech nach wëllt de System eng Kéier erklären. Vun 0 Euro Bilanzsomm bis 500 Milliounen bezitt jiddereen 0,5. Dat heescht déi, déi driwwer sinn, déi bezuelen emol op deenen éischte 500 Milliounen 0,5. Dat heescht déi bezuelen emol 2,5 Milliounen, wéi jiddwereen. An dann, iwwert dee Montant ewech, bezuele se dann effektiv een Zéngtel. Domat komme mer nach op relativ héich Zommen.

Mä de Choix, dee mer hei hunn, wa mer dat heiten net maachen, déi 0,05, déi jo esou vill kritiséiert gi sinn, ech soen lech: Ma da kréie mir vill manner Rentréeeën! Well mir verléieren déi 2,5 Milliounen op deenen éischte 500 Milliounen, well déi Gesellschaften do, déi organiséiere sech anescht. Déi bougéieren den Headquarter. Déi bougéieren net onbedéngt all déi Leit, déi se hei beschäftegen, mä déi setzen eng nei Struktur op. An déi ass a sechs Méint gemaach an da kréie mer iwwerhaapt näischt eran! Dat ass de Grond, firwat mir dat heite proposéieren.

An ech hoffen, dass et elo all Mënsch kloer ginn ass, dass mer hei net aus Opportunismus dat heite gemaach hunn, mä dass mer hei gebonne waren duerch déi Direktiv „mères-filles“, souwuel fir den Impôt minimum, wéi och fir déi Adaptatioun vum Taux fir den Impôt sur la fortune. Ech mengen, domadder hätt ech déi meeschte Froe beäntwert.

Mir hunn et och esou ausgerechent, dass et keen Déchet fiscal gëtt. Mir hu jo dee siwente

Palier bäigesat beim Impôt minimum sur la fortune. De siwenten, dat bréngt dann e bësse méi an. A mir verléieren effektiv fir déi puer Gesellschaften, déi dann iwwer 500 Milliounen sinn, op deen Deel iwwer 500 Milliounen, hu mer en Déchet fiscal. Dee gëtt an eisen Ae kompenséiert duerch dee siwente Palier. Ech fannen, dat ass awer eng Erklärung, déi Kapp a Fouss huet. Ech mengen, domat hunn ech op déi meescht Froe geäntwert an ech hoffen, dass mer dann dese Projet kënnen stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Finanzminister.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Finanzminister, den Här Wiseler freet d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Den Här Finanzminister huet erkläert, datt den Drock esou grouss war, datt een dat alles huet misse maachen, fir déi Entrepreneuren hei ze behalen. E seet awer hannendru direkt, datt den Déchet fiscal net grouss, oder datt den Déchet fiscal net ganz grouss ass, deen do géif entsteen, an datt am Fong dat, wat aner Betriber misse méi bezuelen, also och net ganz grouss wär.

Mir hunn eng Fiche financière, wou steet, et geet null vun null op an ech fannen et normal, datt mer awer géifen hei an der Chamber erkläert kréien, wat dann den Déchet fiscal op där enger Säit ass: Wéi héich? Wat ass de Montant? Wéi vill Entrepreneuren? Dir hutt elo gesot, eng déck hallef Dosen.

An op där anerer Säit wëllt ech awer och wëssen, wat dann d'Rentréee sinn a wéi vill Entrepreneuren à peu près do concernéiert sinn, datt et null von null opgeet. Dat fannen ech eng normal Fro an ech mengen, datt een do kéint och eng Äntwert kréien.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, ech kann lech awer d'Ziffer elo net esou aus dem Stegreif soen. An esou einfach fir déi sechs grouss Entrepreneuren, oder siwen oder acht, wéi vill et der och ëmmer sinn... Ech kann lech jo net ënnerschreiwen, dass se heibleiwen. Et ass jo ëmmer hypothetesch!

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Wann den Déchet fiscal esou kleng ass, da froen ech mech awer, wat d'Effikassitéit vun der Moossnam ass. Wann den Déchet fiscal awer grouss ass, an et effektiv da kéint effikass ginn, da froen ech mech, wien d'Contre-valeur op där anerer Säit bezuelt a wéi vill déi Entreprise musse bezuelen?

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Bon, mir sinn amgaang, mir wäerten déi Calculen nach eng Kéier maachen. Aweiwäit mer déi kënnen mat lech deelen...

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech wär frou gewiescht, wa mer déi virum Vott gehat hätten!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Très bien, ech soen lech Merci.

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Da mell, Der lech, wann eng uerdentlech Fiche financière do ass!

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, den Här Finanzminister kann dat och vu senger Plaz maachen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här Président. Ech wollt och eppes richtigstellen, well den Här Finanzminister do durchblécke gelooss hat, mir hätten e Problem, datt mer eis géifen upassen un europäesch Standards.

Ech hu just gesot, et gëtt hei profitéiert, fir eng Rei aner Mesuren ze huelen. Mir hu kee Problem, Här Finanzminister, wa mer wierklech op verschiddenen, prezise Punkte géint europäesch Recht verstoussen, datt mer eis dann adaptéieren. Ech hunn net méi an net manner gesot!

Ech muss lech allerdéngs soen, wou ech net ganz mat lech d'accord sinn. Dir stellt dat elo esou duer, wéi wann dat doten eng Décisioun wär. Hei gi mir vun der Kommissioun opgefuerdert, eis ze conforméieren. Mir wëssen awer net, wéi in fine eng Décisioun vum Europäesche Griichtshaff géif ausgesinn. Mir hunn och elo aner Dossieren, Fiat Lux Trade (veuillez lire: Fiat Finance and Trade), do mécht d'Regierung e Recours. Et ass also net gesot, datt mer onbedéngt juristesesch falschleien.

Duerfir wollt ech nach eng Kéier soen: Mir als CSV si bien entendu d'accord, datt d'Regierung sech adaptéiert, wann et gefrot ass. Mir



mengen net, datt et elo esou eng Urgenz hei ass, wéi de Minister dat gesot huet, aus deene Grënn, déi ech elo erkläert hunn.

An da wollt ech awer och nach eppes soen iwwert déi 0,05. Ech hu kee Problem domat. Ech mengen, dat geet jo och aus den Avisen..., well déi Avisé sinn all ganz kritesch. An dat si jo keng Avisen, Här Finanzminister, vun der Chambre des Salariés. Hei sinn et Avisé vun der Chambre de Commerce. Ech hu selten esou e kriteschen Avis vun enger Chambre de Commerce gesinn, dee sech justement och dorunner stéisst an deen eigentlech seet: Firwat sidd Der net dohinnergaangen an Dir hutt einfach de gesamten Impôt - déi 0,05 -, hutt Der och déi aner Entreprises do profitéiere gelooss? Firwat gi mer just dohinner, an déi iwwer 500 Milliounen, déi kréien do déi substanzuell Steiererlichterungen, an déi aner ginn aus Grënn, déi Der explizéiert hutt, dann eropgesat?

Do kéint ech nach perséinlech domadder liewen. Mä firwat dat esou komplizéiert maachen? A firwat net - an dat ass jo eise Virwurf, Här Finanzminister -, firwat hu mer net hei eng global Diskussioun gefouert? Dir sot zu Recht: Et muss eech eng Kéier der Fro vun der Verméigensbesteuerung vun de Betriber stellen. Mä firwat maache mer dat dann elo net am Laf vum nächste Joer? Dann hätte mer do eng propper Solutioun fonnt, déi och steierlech wesentlech méi équilibréiert gewiescht wär!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech hunn nach Demandes de parole après ministre. Ech froe mech, ob mer se net alleguer sollen huelen an dann dem Minister sollen d'Geleeënheet ginn, fir drop ze äntwerten. De Franz Fayot. An ech hunn och eng Demande vum Här Urbany. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wollt just ganz kuerz eppes soen nach Här Reding sengem Dokument, senger Konspiratiounstheorie do mam neien Aktionär vun der Luxair. En huet do seng Rechnung hei gemaach, baséierend op deem Bilan vun där Gesellschaft, déi e genannt huet, Delfin.

Bon, ech géif just gär soen, d'Assiette vum Impôt sur la fortune bei enger SOPARFI incluéiert net sougenannte Participations qualifiantes, dat heescht Participatiounen, déi ënnert de Schachtelprivileg falen. Déi sinn net an der Assiette fir den Impôt sur la fortune.

Wann een dee Bilan kuckt, do gesäit een dann, dass de Gros, Financial fixed assets, dat sinn déi 8 Milliarden 853 et quelques, ech schwätzen elo fir d'Joer 2014, mä wann een ënnert d'Notte kucke geet, da gesäit een, dass dat déi Participatioune sinn, soudass een... Bon, ech mengen, et muss een de Bilan vläicht e bësse méi genee analyséieren, mä et ass awer héchstwahrscheinlech esou, dass déi Rechnung, déi den Här Reding elo do esou einfach mécht, esou an där Form net opgeet, well déi Participatiounen hei ganz einfach net an de Calcul vum Impôt sur la fortune falen. Ech mengen, dat wär och eng wichteg Prezisioun an deser Diskussioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Fayot. Dann den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, et ass mir elo eppes ganz kloer ginn, wann ech all déi Explikatiounen elo hei héieren. Den Här Mosar huet mech virdrun ugeschwat, perséinlech. Ech hunn elo verstanen,...

(**Interruption**)

Jo, ech hunn elo verstanen, den Här Mosar wëllt net, dass déi grouss Betriber sollen elo méi bezuelen. Neen, den Här Mosar wëllt, dass all d'Betriber sollen esou weineg bezuele wéi déi grouss Betriber.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat hunn ech net gesot, Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dat ass awer en eegenaartege Kampf géint d'Grousskapital, muss ech awer do soen. Den Här Mosar ass iwwerhaupt géint eng Verméigensbesteuerung vun de Betriber, gradesou wéi d'ADR, déi huet et jo scho virdu ganz kloer gesot, dass si och an déiselwecht Richtung wëllt goen.

(**Brouhaha**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Elo si mer net méi an der Fortsetzung...

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Fait personnel.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Entschëllegt, Här Mosar, loosst mech wann ech gelift ausschwätzen. Dir wäert näischt dobäi verléieren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir sinn net méi an der Prozedur Parole après ministre, mä mir si wahrscheinlech am Fait personnel.

(**Interruption**)

Voilà! An dofir ginn ech dann deenen zwee Ugesprachenen d'Wuert. Ech géif awer da bieden, dass mer net nach Ulass gi fir weider Fait-personnellen, well soss... jo, bon, ech soen lech dat herno. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, also den Här Urbany, dee wëllt natierlech dat verstoen, wat hie wëllt verstoen.

(**Hilarité**)

Ech wëllt et elo nach eng Kéier soen: Här Urbany, mir hu gesot, mir fannen déi dote Mesuren net gutt. Ech fänken elo net nach eng Kéier mat den Erklärungen un. Ech hunn et gesot. Awer op där anerer Säit, wann hei iwwer Punkten diskutéiert gëtt, da soll een déi diskutéieren am Kader vun enger gesamter Steierreform. Dat ass dat, wat mir gär hätten. Mir kënnen net d'accord sinn, datt elo hei ee Stéck erausgepléckt gëtt, datt dat just fir déi top 500-Millioun-Betriber gemaach gëtt a fir déi aner gëtt deelweis guer näischt gemaach. Domadder si mir net d'accord. A mir hätte gär eng global Diskussioun. Net méi an net manner, Här Urbany, hunn ech gesot.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Mä, Här Mosar, ech hunn och net méi...

(**Hilarité**)

Ech hunn och net méi an net manner gesot, wéi dass d'Betriber zu Lëtzebuerg...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Urbany, Dir hutt d'Wuert net.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech sinn ugeschwat ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir hutt d'Wuert net.

(**Hilarité**)

Bis op Weideres gitt Dir lech et net selwer, mä ginn ech lech et! A bis elo, ier Dir et kritt, huet den Här Reding et.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Ech wollt just ganz kuerz op dem Kolleg Fayot seng Remarque äntworten. Ech si kee Kontabel, a scho guer net en Expert-comptable, mä bei dem Mindestimpôt sur la fortune schwätze mer vun enger Somme bilantaire, le total du bilan. An am Artikel 7 an Ärem Gesetzestext, deen Der hei virleet, schreift Der: „als steuerpflichtiges Vermögen gilt bei unbeschränkt Steuerpflichtigen, a) bei natürlichen Personen..." - et ass och komesch, et ass en Text, deen hallef op Däitsch, hallef op Franséisch ass, mä egal - steuerpflichtiges Vermögen „b) dans le chef des contribuables visés par le § 1, alinéa 1^{er}, numéro 2, la fortune totale.“

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Reding, hei si mer net méi am Fait personnel.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Dach, mir sinn am Fait personnel...

(**Interruptions diverses**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Neen, dat ass kee Fait personnel, dat ass kee Fait.

(**Brouhaha**)

► **M. Roy Reding (ADR).**- Op jidde Fall, ech maintenéieren, datt déi Firma...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Beim beschte Wëllen, wann een eppes unzweifelt, wat op den Dësch geluecht ginn ass, ass dat net onbedéngt e Fait personnel!

► **M. Roy Reding (ADR).**- Okay, kee Problem.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Parole après ministre, wéi den Här Fayot.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, den...

► **M. Roy Reding (ADR).**- Et war och keng Parole après ministre, fir mir ze äntworten!

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, mä dann hutt Der dee falsche Fait invoquéiert, dee falschen Artikel invoquéiert. Dann hat Der lech geiert. Dir kënt et awer nach eng Kéier probéieren. Här Urbany, wat invoquéiert Dir?

(**Hilarité**)

Passt awer op elo, wat Der sot!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech invoquéieren de Fait, dass ech hei ugeschwat gi sinn an dass ech gären doropshin eppes äntweren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo neen, esou geet et awer net!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also, wann ech gelift!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Dann ass et keen Débat, wann dat net méiglech ass!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift! Et huet jiddwereen hei Riedezäit gehat. Et huet jiddwereen d'Méiglechkeet gehat, fir d'Parole après ministre ze froen. Et huet och jiddwereen d'Méiglechkeet gehat, wann en ataquéiert ginn ass, de Fait personnel ze huelen. Mä mir kënnen awer déi Diskussioun ausserhalb eisem Modell vu Riedezäit net bis an d'Éternitéit fortféieren. Maacht Är kuerz Bemierkung an da schlësse mer domat of. Da gi mer dem Här Minister d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, ech huelen dann d'Wuert och nach zousätzlech zum Reglement, wat mer hunn. An ech mengen, dass eng seriö Debatt net ka stattfannen, wann een ugeschwat gëtt, perséinlech, an dorop näischt méi ka soen, egal ob dat e Fait personnel ass oder e Fait politique personnel ass. Dat hei ass fir mech eng Ursaach, fir ze répliquéieren op dat, wat gesot ginn ass.

Wat ech wollt soen, ass, wa mer eis jo eens wieren hei, dass de Räichtum do, wou e geschafe gëtt, seriö besteiert géif ginn, dass och d'Allgemengheet dovunner profitéiert, da wier et jo gutt, da géife mer déi richtig Konklusioun aus deem Débat hei zéien. Mä ech fäerten, ausser eis si se alleguerten hei d'accord, och d'LSAP, fir dass dat net soll geschéien, dass dat weiderhin net soll geschéien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Urbany, Dir sidd amgaang en „Débat bis“ ze maachen, an dat ass net den Zweck vun der Affär hei. An ech ginn dem Här Finanzminister d'Wuert, fir op d'Parole après ministre ze äntwerten. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, ech faasse mech ganz kuerz. Ech wëllt just nach eng Kéier op dat agoen, wat den Deputéierte Mosar gesot huet. Dat ass eng Saach vu Risquenaschätzung, wann Dir sot, mir hätte kënne waarden, dass mer ugesicht ginn. Wéi ech lech virdrun erkläert hunn, am Hierscht 2014 huet d'Kommissioun eis gesot: „Mir considéieren dat als illegal.“ Do sinn dann e puer Bréiwer hin- an hiergaangen a si hunn net bougéiert, si hunn drop bestanen.

Do hätte mer kënne waarden an da wäre mer ugesicht ginn. A wann Der da bis ugesicht sidd, wéi wa mer dat nach brächten - wéi wa mer dat nach brächten! -, hu mer fonnt, dass dat vläicht net dee beschte Wee wier an dass mer dann eng Incertitude juridique hunn.

Stellt lech dach emol vir, d'Kommissioun sicht eis 2015 un an d'Prozedur dauert e Joer bis annerhalleft Joer. Wat hätte mer dann 2016 gemaach? Hätte mer déi Steuer missen anzéie mat engem Doute, ob se legal ass? Ech mengen, dat wëllt dach keng responsabel Regierung maachen!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An domat komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6891.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6891 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

Hutt Der alleguer ofgestëmmt? Jo. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. D'Resultat: 32-mol Jo, 28-mol Neen, 0 Abstentionen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Jo. Merci, dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6899 iwwert d'Mutualisation vun de Bedeelegungen um Fonds de résolution unique. Jiddwereen huet et verstanen. Als Éischten ass de Rapporteur um Wierk, an dat ass den Här Guy Arendt.

4. 6899 - Projet de loi du [...] portant approbation de l'Accord concernant le transfert et la mutualisation des contributions au Fonds de résolution unique signé à Bruxelles le 21 mai 2014

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn de Moie vun der europäescher Union bancaire geschwat an ënnerstrach, wéi esou e Konstrukt laangfristeg och positiv Répercussiounen op eis Wirtschaft kann hunn. Ech hat gesot, hei géif et zwee Volete ginn, dee vun der Surveillance vun de Banken an dee vun der Résolutioun, also der Opléisung vu Banken.

Beim zweeten Deel gëtt et ab 2016 e Fong, de Fonds de résolution unique, deen no aacht Joer mat 55 Milliarden Euro dotéiert si wäert, op déi bei der Résolutioun vu Banken zrëckgegraff ka ginn. Beim Gesetzesprojet, dee mer hei diskutéieren, geet et drëms, en Accord intergouvernemental zu deem Fonds de résolution unique ze ratifizéieren an ze operationaliséieren. Dese Projet ass also complémentaire zum Projet iwwert d'Directive BRRD.

De Gesetzestext ass de 5. November 2015 vum Finanzminister deponéiert ginn. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 2. Dezember an de Statsrot huet säin Avis den 10. Dezember ugehall. De schrëftleche Rapport ass de 14. Dezember an der Finanz- a Budgetskommisioun adoptéiert ginn.

Här President, den Accord, dee mer hei ratifizéieren an deen den 21. Mee 2014 vu 26 EU-Memberstaten ënnerschrifwe gouf, gesäit déi praktesch Detailer vir, wéi eise Fonds de résolution Luxembourg mam europäesche Fonds de résolution unique zesummeschaffe wäert.

Haut gi mer och der Regierung d'Erlaabnis, eng Garantie an Héicht vun enger Milliard a 85 Milliounen an de Fonds de résolution unique ze ginn. Dës Sue ginn awer nëmmen en dernière instance genotzt, falls et zu enger Bankeresolutioun komme sollt, dat also, nodeems eng ganz Rei vun anere Mesurë geholl goufen. Dës Milliounen ginn eréischt gebraucht, wann d'Resourcen aus dem FRU benotzt sinn a wann de Renflouement interne oder „bail-in“ fir d'Banke gemaach ginn ass. Et ass also net esou, wéi wann de Stat hei d'Banken direkt rette géif, mä fir d'Éischt gëtt emol bei hinne selwer gekuckt, wou d'Suen ze récupéiere sinn.

Här President, duerch d'Ratiofikatioun vun deem Accord maache mer e weidere grouse Schrëtt a Richtung Bankenunioun an e grouse Schrëtt a Richtung stabill Banken. Ech brauch lech net nach eng Kéier ze erklären, firwat dëst och ganz wichteg fir eist Land ass. Dese Projet de loi vervollständegt dee vum BRRD, an alle béid sollten eis besser virun enger weiderer Kris schützen kënnen.

Ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

An, Här President, wann Der erlaabt, géif ech soen, dat hei war dann elo meng lescht Ried als Deputéierten. Ech géif op alle Fall der ganzer Chamber e ganz grouse Merci soe fir déi flott Zesummenaarbecht, déi ech elo zwee Joer mat hinnen hat an ech wäert lech alleguerte messen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(**Applaudissements**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Arendt. An ech wënschen em eng ganz glécklech Hand an eiser aller Numm an dass et him nach oft leeddeet,...

(**Hilarité**)

...dass en eis verlooss huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Alles Guts!

Mer géifen dann zum éischten ageschriwwene Riedner kommen, deen och de laangen Tour haut huet, den Här Laurent Mosar.